



#### ADRESS UN ONS GRO'SSHERZOGINI

ALTESS!

We' d'Kanner no hirer Mamm verlängerer, de' se ve'er Joer net gesin, so' verlängert d'Vollek no senger Gro'ssherzogin.

An der Friémt get hir, we' villes, och verhémelecht wat eigentlech hei virgét.

Wan hirt Haus net an der Rei sollt sin, - dausend Hänn si berét et an d'Rei ze setzen. Si get mat offenen Aerm empfäng!

D'UNIO'N an d'Vollek, si biéden se drem o'ni Zecken erezekommen fir hirt Land ze rege'eren!

D'UNIO'N!

#### Um Kreizwé!

„Toute liberté naît et périt avec l'indépendance, c'est la leçon érite à chaque page de notre histoire.“

„Elevons nos âmes; prenons tous ici envers nous-mêmes l'engagement solennel de ne reculer devant aucun sacrifice pour maintenir en tous temps les droits de la patrie et lui assurer les destinées dignes de son glorieux passé.“

(Discours de Léopold II à Bruges, le 15 août 1887).

„Il ne craignait pas de heurter, ce jour-là, une grande partie de l'opinion publique et de dénoncer à son peuple les fautes graves, les idées mesquines des politiciens.“

(Nation Belge, le 14 août 1937).

D'UNIO'N, d'national Unio'n rift an d'Land eran, datt all de' Guttgesonnt solten zo' er ston a Schöller ge'nt Schöller matschaffen, d'Onhël dat am Gäng ass Land a Vollek r'iwerkommen, zreckz-drecken.

WELL d'GEFOR ASS DO, AN DEN ENNERGANK STET VRUN DER DIR!

Der UNIO'N hirt Schöld ass bletzblank, ma et ass net net; et wor nömme ne'deg fresch geschauert ze gin.

Et stant aus enger Zeit wo' schon engke'er de Preiss derno gestriéft ons am égene Land ömmer me' ennerdengge ze man. Op e fre'e Murgen woren se ganz Méschter hei. Iwer Nuecht woren se kom we' e Schlorén. Dat wor ower net dat trgst. Ma we' no engem Rén de' eklech Wirm aus dem Buedem krauchen, eso' geso' é bei dénen un der Spötzt d'Schmalz-biedelei de Frieme ge'ntwer, de' virdu me' oder mander verstoppt war, bei klarem Do sech ongen'ert bréd man. De' an der Spötzt, de' dem Vollek matt Rot an Dot hätte solle beiston, de' hun d'Letzeburger Vollek Vollek si löss, wan s'et net nach gepisakt hun.

Dat wor de Misär! Mir hun du matt égenen An d'Kalamité' gesin, de' mer kann hun aus onser Geschicht. ZU ALLEN ZEITEN, WE' NACH HAUTT, HUOT HEI DE' SO'GENANNT UOWERSCHICHT MATT DE FRIEMEN HARMONE'ERT, dohir ko'm et och datt d'Land dreimol konnt gedélt gin. Si huot d'Vollek nemme kann, wann eppes aus him erauszogeleze wor oder wan se desen oder den em Hab a Gut brenge konnten.

De „RENERT“ ass net aus der Loft graff!

D'Ker- oder d'Stackletzeburger haten altzeit de' ganz Band am Napp. D'Schmalz-biedelei ko'm hinnen uowen eraus. Hirt Herz huot nemme geschlon fir de' vun hirem Stam, fir de' se sech gin hu we' si

#### Fre'jorssonneble'en.

Fre'jorssonneble'en  
Wo' mir firdru kne'en,  
Wann de Fre'jorsdäg  
No de Wanterschle',  
We' matt engem S'hläg  
Alles an der Ble'.  
Well se d'Erd gekösst  
Sturm a Frascht gezösst;  
Dat d'Natur voll Kräft  
An dem ganze Säft,  
Sech aus Sklaveketten  
Kann an d'Freihét retten.  
We' se d'Kinigin  
D'Sonn erömgesin,  
An dem Dä seng Tre'nen  
D'Sonneble'e kre'nen.

#### Freihétssonneble'en.

Freihétssonneble'en  
Wo' mir firdru kne'en,  
Wann é sche'nen Däg  
Wo' mer d'Herzer we'  
We' matt engem S'hläg  
D'Freihét an der Ble'.  
An ömámt gekösst  
Wát mer lang vermösst;  
A wo' mir voll Kräft  
An dem ganze Säft,  
Aus de Sklaveketten  
Eis an d'Freihét retten.  
Wa mer d'Mamm gesin  
Eis Gro'ssherzogin  
An eis frédég Tre'nen  
D'Freihétsble'e kre'nen.

Willy Dumont.

#### ADRESS UN DE PRONZ JANG!

ALTESS!

Dem Prönz JANG dén als Tro'nirwen beruff ass zum Chef vum Land droe mer heimatt de Patronage un vun der UNIO'N.

Hir Resistenz, gebur aus der réngster Hémechsle'ft konnt hién apprécie'ren, we' en den 10. 9. 44 un der Spötzt vun den Allie'erten mam Prenz Félix agezun ass, ons d'Freihét erembrenge.

Ennert sengem Patronage wóllt si och nom Krich weiderschaffen als national Elite, als Steip vum Tro'n, an als Garant fir Secherhét, Urdnong a Fortschritt!

D'UNIO'N!

#### Ons Sprôch

„E Vollek, dat seng Sprôch opget, get sech selwer op!“

Wess' der nach, we' d'Preisen matt hirer VDB. an dem ganze Krom ugefäng hun, wat se fir eng Onmass Beweiser bei Hand haten fir hir Behaptong, mir wäre Preisen?

Ent vun hiren Haptargumenter wor démons datt mir deitsch gefe schwätzen, datt onst so'genannt „Platt“ nemmen en deitschen Dialekt wär, ower keng Sprôch.

Wollt én dorop äntweren, da krut én durgehal, mir kenten ons Sprôch 'net lissen an net schreiwén, mir kenten emol dat Hellechst, wat e Mensch huot, d'Gébiét u sein Hergott, net op letzeburgesch son!

Leider wor dat jo nach zevill wo'er.

Wivill Letzeburger konnte letzeburgesch lissen a schreiwén? Wivill hun der et gemäch? — Et soll haut nach jong Leit gin, de' sech op deitsch schreiwén. Anerer man et op fransesch, fir hir „patriotesch Gefüller“ z'önerstreichen! —

A wivill Letzeburger hätte sech mam Hergott schon an der Sprôch önerhalen, de' se hir Mamm gele'ert?

Wivill Letzeburger hun am Iescht selwer dru gegléwt, datt onst letzeburgesch Schwätzen wirklech eng Sprôch ass?

Wie seng Sprôch opget, verléchent sei Vollek ...

Vill Letzeburger woren net me' wért, eng ége Sprôch ze hun, well si se net an E're gehal hun.

Muss onst Vollek dann eng ége Sprôch hun? — Wo'fir dann net?

Mir gin dach vu klengem un ons ége Sprôch gele'ert; mir schwätzen se bis mer an d'Scho'l gin, mir schwätzen se dohém, am degleichen Emgank, iwerall am Land, nemme wa mer schreiwén al liése sollen, da musse mer obémol eppes „besseres“ hun. —

Ons Sprôch wär nemmen en Dialekt? A wo'fir dann?

Hun d'Hollänner an d'Vlammänner net och hir ége Sprôch a get d'Hollännescht an d'Vlammännescht net als Sprôch ugesin?

Ass ons Sprôch dem Preiseschen vleicht me' no, we' d'Hollännescht an d'Vlammännescht?

Ech gléw kaum. Gewess stant ons Sprôch aus der germanescher Sprôch-familjen. D'Englescht ower och. —

Fir wat wor ons Sprôch bis elo keng Sprôch? Well mir, d. h. well verschidde Krésser hei et net wollten.

Hat de Mann aus dem Vollek vleicht Intressi a Späss drun fir seng Bre'f op deitsch oder op fransesch ze schreiwén? Hat hien Intressi drun datt um Gericht fransesch geschwat go'f, an datt hien net verstoe konnt, wat se do alles erzielt hun?

D'Mass vum letzeburger Vollek hätt seng Sprôch ger be'chgehal. D'Versoen dovun lo'g op ganz anere Plazen.

Et huot ons gefélt u stode'erte Leit, de' de Mutl gehát hätten, fir ons Sprôch anfríeden a sech zu hir ze bekennen.

De' Handvoll Leit, de' d'Herz um ríilige Fleck haten, de' matt Leif a Se'l un hirer Hémechssprôch gehängen, de' alles fir se gemäch hun, go'ten iwerstómmt vun déne „Besseren“, dénen dat Kléd net ho'fresch genuch wor.

Ass et net eng Schán, datt am Jor 1896 ons Chamber matt 30 Stómmen ge'nt 1 dem C. M. Spoo sei Virschlag verworf huot, fir an der Chamber letzeburgesch ze schwätzen?

Ass et net eng Schán, datt bis 1940 keng Volleksvertriédong de Mutl hát, dem Papa Spoo sei Wonsch z'ermeieren resp z'erfóllen?!

Ass et net eng Schán, datt an onse Primárscho'len, trotzdem ons Sprôch als Scho'lfach um Programm stong, méschlens keng 20 Stonnen am Joer Letzeburgesch gemäch go'f, an datt d'Kanner matt hirem Scho'lméschter an d'Stodente matt hire Professeren deitsch oder fransesch hu misse schwätzen?

Et get Leit de' behapte wóllen, dat wär fir d'Autorité' vun dem Le'erpersonal vis á vis vun de Kanner resp. Stodenten ze hiewen.

Wann se dofir soss ké Mittel font hun, dann allerdingens wor et traureg. Gesitt der net a Frankreich d'Kanner „we'nt der Autorité!“ mat hire Scho'lméschteren englesch schwätzen?

Nén, e Luef fir ons Scho'len ass dat nach lang net.

Wann é jo bedenkt, datt mir als Stodente virum Krich vu verschiddenen Hère Professeren schief bekuekt go'fen, wa mer se op der Stross matt „Moin, Her Professor!“ ugeried hun, da kent é jo bal driwer lächen, wann et net grad eso' traureg wär.

Fir wat wor ons Sprôch keng Sprôch? Well mer se ni als dat betruecht oder behandelt hun.

Et get Leit, de' soen, se hätt keng Regeln, keng Grammatik. Dat hat de' fransesch Sprôch och net, bis e puer Leit sech d'Me' gin hun et ze man. Fir wat solle mir dat net och ferdeg brengen? Fir wat soll ons Sprôch me' komplize'ert sin, we' anerer? We'nt den Accenter vleicht? Et get Sprôchen, de' me' schwe'er sin. Wat missten dann de' englesch Scho'lkanner soen, wann sie en „u“ schreiwén an en „a“ liése mussen a. e. w.?

Et solten eso'gur haut nach Leit gin, de' eppes dovun kenne wellen an de' soen, et wär net me'glech, ons Sprôch an de Scho'len an iwerall als offiziell Sprôch ze gebrauchén.

Gewess ass dat net me'glech, so'lang de' Heren ze bequem sin, e we'neg emzele'eren.

Dat ass ower och de' énzeg Schwiregkét. Also d'Bequemlechkét!

Emol musse mer ower ufánken. Onse Kanner ass et da ganz egal, ob si den i op deitsch oder op letzeburgesch le'eren. Si fannen dobei kaum eng Schwiregkét.

Ons Sprôch ass dat, wat mir draus máchen. Dofir musse mir selwer dru gléwen, datt ons Sprôch kén Dialekt, ma eng

(Get fortgesat op der 4. Seit.)

fir d'Letzeburger Denken a Fíllen. Ma wat sollten se man?!

Sie woren un allen Aennen gebonnen an huot emol engke'er é me' hárt geschwat, da go'f em de Bro'itkurf me' he'ch geháng

We' hätten s'och eppes könne man? Am öffentleche Liéwen hun nemmen de' fransesch an de' he'deitsch Sprôch eppes gegollen.

D'LETZEBURGER SPROCH, d'„SE'L VUM VOLLEK“ HAT GUR KE RECHT

We' soll do d'Letzeburger Gefíll, dat bei ons Stackletzeburger ass we' aus engem Steck, dat ons klengst Dröps Blut ége firwt; we' soll dat Gefíll, dat sech, sief et op fransesch, sief et op deitsch, net gené iwersetze le'sst, we' soll et op d'öffentleche Liéwen könne wirken, we' soll et op dest sei Stempel können opdrecken wo' et em verwírt wor, an nach haut ass, sech an der Sprôch „de' ons Mamm ons huot gele'ert“ auszudrecken.

An dobei ass de richtige Letzeburger net derfir gemách fir sech allenénne beizeman. Zu allen Zeiten, we' och nach haut, sin all de' eso' deck te'nen an de' allenénnen derbei sin, Verbátschterter.

De Stackletzeburger róselt d'Schólleren an hált sech vun dem Rummel ewèch.

We' du den 10. Mé 1940 de Preiss Land a Vollek op en neis iwerfall hat, an entgegnet sengem feierleche Verspríechen zum Nazissem kniechte wollt, du hun sech, trotz der Verzóthét op der enger Seit a gro'ssmiechtig Intressen op der aner, de' zesummefont de' d'Resistenz an d'Liéwe geruff hun.

Mat der Le'ft fir Land a Vollek an der Broschi, durch vill Léd a Misär gängen,

hun se geschafft, gesurgt a virgebaut fir spe'der, dagde'glech de Kapp an d'Spill gesat engem Terror sonnetyleichen zum Trozt.

Dér Klick ower, de' hei am Land, we' wann neischt geschítt wir sech an den decke Plaze brét gemat an d'Land a la mordjess zeger'ert huot, an der Band de' mam Preiss gehal, verkappt oder offen, há mir de Krich bis op d'Messer geschwur.

De' selwecht Híckecht ower, de' sech och Letzeburger nennt, an 1918 de' eng onst Vollek un d'Franzosen, de' aner un d'Beltsch verkafe wollt, well se gemengt hun am fransesch oder am belsche Wand könnten se sech me' deck opdin we' hei, de' schloen haut de patriotesche Mantel öm, sabote'eren, wat mir mat viller Me' oppgebaut hun, a werfen ons den Anarchist oder de Revolutionär vir.

D'UNIO'N ower le'sst sech nef me' wékelen, deske'er net.

Hannerun hir stét d'Vollek, wat nach Sönn huot fir Recht a Gerechtigkét a wat sech dat Léscht, sei Glaw dodrun, net wóllt huole lössen.

Mir setzen ons durch, wéll mer sin et schóllég onsen Helden, senge Kanner, vun dénen e gro'sse Prozentsaz gezwonge sei Blut versprózt fir eng Säch, de' hir net wor, mir sin et schóllég all dénen de' an de Konzentrationlageren gesturwe sin, all dénen de' verschléft sin a matt Do'd-angschit den Dag erwarden, wo' s'erem hémkomme können.

D'Letzeburger Vollek stét um Kreizwé, an et get him d'Schicksalsfro gestallt: Soll d'Letzeburger Vollek sech zesummehuolen, de' Energi an de feste Wällen opbrennen?

(Get fortgesat op der 4. Seit.)

#### Wat mir wóllen!

Den Zesummeschloss vun alle gudde Letzeburger.

Déne gudde Letzeburger Hóllef brengen de' durch hire Patriotissem an No' ge'rode sin.

NOM KRICH Ro' an Urdnong oprícht halen, d'Verbríecher um Letzeburger Vollek zur Rechenschaft ze'en. all gudd Letzeburger nés an hir Rechter ofe'eren, an um Opbau vun neie Staat mathellefen.

Keng Revolution, ké Staatsstréich, ma Gebrauch vun onsem Recht LETZEBURG nei opzebauen.

Verhandlung mam legitimen Herrscher a matt der Exilregirong iwer d'Embildung vun der Regirong op Grond vun onsem Programm an iwer d'Ausarbechtong vun enger neier Verfássong no chreschtlech-soziale Grondsätz.

Als Staatsform eng demokratesch Monarchie.

e Staatsrot, enert dem Virsetz vun Monarch, an dem d'UNIO'N vertrueden ass, eng Regirong aus Vertrauensleidd vun der Volleksvertriédong, der hire Präsident och vun Monarch beruff get.

e Parlament, dat aplaz aus Parteien, aus de Berufsstänn gewíélt get.

Religio'nsfreihét, ower Unerkennung vun der katho'lescher Religio'n als Staatsreligio'n.

Unerkennung vun alle Rechter vun der Kirch, ower Ausschaltung vun der Religio'n aus der Politik.

Ere'ong am nationale Sönn. Unerkennung a staatlech Ennerstótong vun engem national agestallte Verband um Jonktem.

Scháfong vun engem neie Friemegesetz a Revisio'n vun allen neien Naturalisatio'nen. Ausschaltung vun allen Auslánder aus de wichtigste Plazen.

E Gesetz iwer d'Secherhét vum Staat an d'Do'desstrof op den Hémechsverrot. — Scháfong vum Militárdengscht. — Verstárkung vun der Kriminalpolizei. — Press-freihét, ower Kontroll iwer hir Fongen.

Gebrauch vun der Letzeburger Sprôch net eleng am Verke'er ma och als amilech Sprôch.

Reform vu Finanzen, Wirtschaft a Verke'er.

Ausbau vun de Sozialgesetzer. Anze'en vun allem Krichsgewon a Wucher. Voll Entschíedegong fir d'Ausreiberong wárend dem Krich.

Intim Relatio'ne matt de Letzeburger an Amerika an am Ausland iwerhapt.

Kulturell, wirtschaftlech a politesche Veréngong mat dem fre'ere Letzeburg un d'Sprôchgrenz. D'UNIO'N.



# Wién ass schölleg?

Den Artikel „Eng Stömm vun Hinzert“ aus der eschter Nummer vun „D'HEMECHT“ get villfach falsch interpretéiert. En ass sonner Zweifl engem ganz menschlechen Denken a Fillen entsprongen, dat mir voll a ganz approveieren, o'ni datt mer dofir ower nei och d'ganz Schärft vum Gesetz unzewenne wölles sin. Fir et gleich fir ewechzuehuelen: Den einfache Mann, den Arbechter, de gezwongen an d'VDB. go'ng, an evtl. en Amt huet missen unhuelen, fir datt net Fra a Kanner sollten Honger leiden, ass natirlech anescht ze bewerten we' en decke Beamten den him datselwecht firgemat huet.

An ech huelen un, datt et datt ass, wat den Artikelschreier vun „Eng Stömm vun Hinzert“ matt dem Ausdrock soe wöllt: Si woren nemmen Ferirjeter a Ferierter...

Am iwrege bemirke mer der Volksstimme, datt se d'Zitat net ganz bruecht huet, well et ass am Artikel ausdrecklech gesot, datt de Gagner vun der eschter Grupp ze strofe sin, onschiedlech gemat musse gin, well si indirekt matt verantwortlech sin.

Ons Opfassung ass kurz de' hei:

A. 1. - Wien an der NSDAP vor ass direkt festzuehalen resp. zu verhaften.

Op ons Interventio'n huet den Her Justizminister dem Her Procureur den 30. 9. 44 de' hei Urder gin: Par suite

d'impérieuses raisons d'ordre et de sécurité publiques, je vous prie de bien vouloir faire arrêter et détenir immédiatement dans toute l'étendue de votre ressort les collaborateurs de l'ennemi qui sont ou ont été membres de la NSDAP. — Desen Urder ass ons den 3. 10. 44 vum Her Procureur „pour exécution“ mattgedélt gin.

2. Ze strofen sin ausserdem, je no der Schwereit vun hirem Fall, all de' de' an der VDB., NSV., NSKK. a. e. w. en Amt haten, an et mössbraucht hun fir d'Letzeburger ze kujene'eren.

B. 1. — Wién e Letzeburger denunze'ert huot, eso' datt e Prisong oder KZ krut oder deportéert resp. ömgesiedelt go'f, och wann en net an der Partel oder VDB a. e. w. wor, ass ze strofen je no der Schwereit vum sengem Fall.

2. Wién eke op eng falsch Mane'er, siéf et aus ranoue oder aus soss engem Grund e Letzeburger oder onbescholtene

Friemen, den hei Openhaltsrechter huet, eso' beschöllegt, datt e festgeholl get, ass och ze strofen.

Eso' er gefen e pur Me'nt Hinzert neischt schueden, well si diskredite'eren net nemme sech selwer als Letzeburger, ma och ons matt. D'UNION ass ké Prisong a keng Gestapo, dat siéf e fir allmol bemirkt.

Wién ower matt de Preise gehal, sech deitschfröndlech betätigt huet, wien sech öffentlech (Wort 10. 9. 44 No 241) zu de Preisen an zum Deitschom bekannt huet, ass ze suspende'eren vum Denscht, well en sei Land verléchent huet.

Me' schlömm ass de Fall wann et sech en Offize'er handelt, den huet sein Ed duabel gebrach; e muss suspende'ert gin, well en ass net wért me' eng Uniform ze droen.

Matt aller Strengt ge'nt en ewe' den aneren soll hei gestroft gin, grad do, wo' et sech en eso'er handelt, de' mam gudde Beispill hätte virgoe soilen. Streng, gerecht ower menschlech!

D'UNION.

# KP ge'nt d'Unio'n

D'UNION schengt der K. P. vill Kappbrüches zu man.

Schon a senger eschter Nummer sét d'Volksstimme dat hei: ... wir fanden hierzulande noch Leute, die von einer Abschaffung, ja einem Verbot der Parteien träumen und uns Pläne zur Errichtung „eines christlichen Ständestaates“ vorlegten.

A senger zwéter Nummer, am Artikel „Platz in der UNIO'N für alle Patrioten“ sét se datt d'Zentrallédong sech bis elo geweigert hätt, de kommunistesche Vertrieber Delegatio'nsrechter ze gin.

An derselwechter Nummer beschwe'ert se sech, datt d'UNION an enger Zeitschrift, de' enert hirem Numm erauskönt, Plaz fir en Artikel huet, an dem eng Opfassung plädéert get, de' hirem Artikelschreier net passt.

D'Volksstimme ka secher letzeburgesch liessen. Ech muss démmo unhuelen, datt se an der Hetz et iwersin huet, datt um Fo'ss vun der eschter Nummer vun der „Hémecht“ sto'ng, datt jidfer Autor fir sein Artikel astét, den iwregens d'UNION net bönn!

Wat nun den Artikel „Platz in der UNIO'N...“ betröfft, do musse mer scho soen, datt mir an der UNIO'N allerdings all gudd Patrioten wöllkom hésehen!

Nomme verwiesselt d'Volksstimme d'Be-grüffer!

Eng Partel ass mésehtens ké gudde Patriot!

Den Dag, wo' de' zwé Vertrieber vun der K. P. an enger Sötzung vom Z. C. hir Méning ons auseregeluegt hun ass ons nach all ganz kloer. Et wor an der Woch vun hirer eschter Versammlung, just dé Mötteg ir hiren Opruff opgehangen go'f, wo'vun si ons allerdings neischt soten!

Op hin a wider hu mer den Delege'erte vun der K. P. onse Programm virgeluegt, si konnten sech ower net entschliesen, ons och hiren ze gin. An do huet de „Ständestaat“ si opgeregt. Iwregens hu

mer net gesot e chreschtleche Ständestaat, well mir d'Religio'n jo aus der Politik eraushalen, an da kann e Ständestaat och grad eso'gut demokratesch aufgebaut gin, wat mir jo bezwecken. Iwer de' heid Froen komme mer spe'der nach ze schwätzen.

Mir hun du also den Delege'erte vun der K. P. dat hei gesot: Dir könnt als Delege'erte vu kommunistesche Resistenzorganisatio'nen — wann eso'er bestanen hun — an der UNIO'N vertruede sin, önnert de Bedéngongen, de' ons Statute virschreien.

Et ass ower abesult ausgeschloss datt d'K. P. als sollech, grad eso'weg we' jidfer aner Partel als sollech an der UNIO'N am Z. C. ka vertruede sin.

Mir wöllen dach den onse'lege Partelstreit matt all senge Kabalen endlich be-greuen, wo'matt jidfer gudde Lötzeburger averstanen ass. Si hun sech iwerlieft, datt beweist dach d'UNION, an der all Ménonge friddlech zesumme liéwen a schaffen!

Et ass ké Luef fir d'K. P. datt si als escht de' national UNIO'N ze durchbriche sicht, an de' vleicht begreiflich Onzefriddenhét, un der mir keng Schold droen, ausenotze sicht fir hir Reien ze föllen.

Verhandlonge sollen sech auswuessen, et ass net un der Zeit se an der Press brätzetrieden.

Datt de' berechtigt Furderonge vum Arbechter, vum klenge Mann, erfüllt gin, den am Krich an mésechte gelidden, an derbel am mésechte gelécht huet, dat ze wössen an unz'erkennen ass net e Privileg vun der K. P. Grad mir furderen, datt den Arbechter vun haut en escht Wurt matschwätze soñ, wann et seng an allgemeng Interessen göllt, a gefen de' Froen net besser gele't wössen, we' dodurch, datt och e'vun hiren egne Leit an der Regirong vertruede wir. — Ech wösst ón, dem ech den Hut ofde'ng!

M.

# Dernieft gehân!

# Letzeburger un d'Front!

Wann ech mer de' lang Reien vrun Aen halen, de' matt dem allerne'degsten femme belueden, zu Musel a Sauer hir des Seit ze'en, wo' et me' secher ass, we' ech ons Milizjongen e Sonndeg spe't gesin hun eremkommen vum der Evakuatio'n vun den lechternacher, midd an hongreg, da froen ech mech: Wat ass ze man? De Krich ass nach net um Ehn.

Ech denken dann u mei gudden Ahens vu Veian, we' en do sto'ng de leschte Freidag an der Versammlung, eng helleg Begéscherong am A, ze verzielen vu senge Jongen de' kaum 20 Mann de' ganz Compagnie Preisen de'seit op der Kopp a Schach halen. De' aner Seit op der Knupp leden d'Amerikaner, sot hién, a mir am Lach mam „Oosch am Dreck“, jo der Veianer Aussproch. Déglang komme mer net aus de Kléder, hu knapps Geld a Liéwesmüttel, well keng Verbindung dorobber ass, an dat we'negt, wat zu Veian selwer leit, récht net fir de' 600 de' nach doblwe sin. Mir délen a sin zefridden, well eso'lang mir do sin, setz ké Preiss de Fo'ss a Veian.

Dat ass Heroissem, echten, freien Heroissem aus purer Le't zu dem Köpp Buedem, wo' si dohém sin.

Dir krit Geld a Liéwesmüttel, verlost lech drop, an och Höllef.

Mir man Appell un all Letzeburger, de' schon Denscht gemat oder es mache wöllén fir dese Fall. Mir setzen eng Arme' op d'Bén, der hir Missio'n et ass, d'Ost-grenz ze bewachen an ze verdédegen.

Freiwölleger un d'Front! Si kre'en eng

We' se dem Pg. Rodius an der neier Avenü d'Fensteren ageheit hun, ass och dem Kuttisch Ed an d'Raute geschloe gin, wuel an der Ménong, sei Geschäft wir vum eschten eng Dependenz.

Nun ass datt ower net de Fall an de Photograph Ed. Kutter ass ons ömmer als gudde Letzeburger bekannt gewiescht. Et ass iwerhapt de' escht Dég munechmol blann drageschloe gin, wat jo ze verstehen ass, an et ge'f Zeit, wann all de' Schirbelen ewegke'men, de' net grad d'Stad versche'neren!

Gét eppes richt: et wor d'UNION, gé eppes schief: et wor och d'UNION.

An et get der vill geliwert, wo' d'UNION keng Schold drum huet. E Fall vu Strössen fir nemmen den ze zite'eren: An Uniform kommen zwé Zaldoten e Radio beschlagnamen enner anerem. E Milizmann derbei.

De Milizmann ower wor net vun ons geschéckt, an d'Zaldoten net vun der Arme'.

Haut ass hei alles me'glech — nemmen net Urdnong ze halen, trotz allen Dekreten.

Et zirkule'eren an der Stad an am Land Flugbléeder matt der Devis: Letzeburg de Letzeburger, wo' en Och-Letzeburger ge'nt aner Letzeburger lasshét. Et ass zwar traureg, datt et eso' eppes nach get, nodém de' Besch't vun ons fir Freiheit an Engekét gefall sin, ma et ass eso'!

De' Devis „Letzeburg de Letzeburger!“ stamt aus enger Zeit, wo' et nach keng Resistenz go'f, an hire Programm ass net am Flugblad gebur gin.

En ass a senger Majoritet de Programm vun alle gudde Letzeburger, schon zenter 1910. Nei ass nemmen d'Fro vum de Sanktio'nen, de' durch de Nazissem bedengt ass.

Zum Glick sin an der UNION och nach Leit aus der heroescher Zeit vun 1910, wo' et na net Mo'd wor bei ons, national ze denken an ze fillen; wo' se matt hiren Idien verlächt a verspoit go'fen, wat haut jo eng Grimmel anesches ass.

Et wor gut, datt si derbei woren, we' d'Freihétsorganisatio'nen sech op en na-

militäresch Ausbildung, si kre'en eng egen Uniform, Waffen a Munition, a si kre'en och Verbindung matt de Besatzungstruppen, matt dénen si Hand an Hand schaffe können als regulär unerkannt Truppen.

D'Allie'ert hun ons de Wé freigemat, un ons ass et de Rescht ze man. Mir können net verlängen, datt si fir ons verbludde sollen, wa mir d'Hänn an de Scho'ss léen a nokuucken.

A sollte mer et net packen, dann hu mer e Recht, si em Höllef ze froen, de' s'ons da net verwiren.

Fir sie héscht et fir d'escht de Krich wannen, an un ons ass et ons selwer ze hóllefen.

An do wösst ech keng sche'ner Missio'n fir ons Zaldoten, Agenten a Gendarmen, de' ofkömmelech sin, we' de', sech déne Jongen unzeschlesen.

Mer hu jo och nach en eplech Leitnante, de' sech do e gudde Num mache könten.

Vleicht wir och z'iwieréen, ob net de' je'neg VDBisten a. e. w., de' sech we' neger schwe'er verfélt hun, an des Arme' opgeholl könnte gin, wo' se Geléenhét hätten, sech durch gudd Bedroen an Daperkét ze rehabilitéeren.

Un onser Regirong ass et, durch e Gesetz Möttel a Wé ze schafen, fir des „Zaldoten“ an hir Familien ze surgen.

Also nach eng'er, Freiwölleger un d'Front, fir d'Grenz ze bewachen, fir d'Land ze verdédegen!

M. H.

tionale Programm ge'negt hun, well grad de' Leit vun Ufank u wossten, datt haut we' démolts och, versicht get aus der nationaler UNIO'N e Stén nom aneren erauszubrecken, nom Sprechwurt: Divide et impera!

Wann also dese nationale Programm vun all gudde Letzeburger vun der UNION vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen iwerholl gin ass, wor dat en Zéchen, datt de Buedem fir eng national UNIO'N genug emgreuene wor, datt héscht: et get keng L. P. L. me' a keng L. R. L., keng L. V. L. a kén L. F. B., et get nemme me' eng UNIO'N.

Wat am iwregens hire Programm ass, sét an hirer Zeitung.

Den 23. 3. 44 hun de' fre'er uewe genant Resistenzorganisatio'nen hei am Land sech zu enger Unio'n zesummefont, an hir Vertrieber, Her ANONYMUS, hun den Ueschloss fierlech matt Ed bekräftegt.

De' Delege'ert vun érer fre'er Organisatio'n, de' am Zentralcomité vun der

# WAT GËT VIR?

# AUS DER »UNIO'N«

An der eschter Versammlung vun de Memberen vum Zentralcomité a Verbindung matt den Distriktschef, Kantonalchef a Sektio'nchef aus dem Land, de leschte Freidag möttes am drei Auer am Café Rommes am Scho'birg woren sämtlech Distrikte vertrueden.

De Präsident fängt d'Veersammlung un, e'ert ons do'deg Helden an dreect de Wunsch aus, me'glecht bal ons Oemgesiedelt a Verschléft eröm ze gesin.

Durno krit de Sekretär d'Wurt zu sengem Exposé, dé mer hei eremgin:

Kameroden, Member a Frönn!

Nodém de Präsident d'Veersammlung ageléd mam Gedenken un ons Helden, de' ons en énzeg sche'nt Exempel gin hun vun Afferberétschaft, wölle mer ons escht gro'ss Versammlung matt der praktescher Arbecht ausfüllen, op de' et eleng ukönt.

Et siéf mer trotzdem erlabt an e pur Wirder de' Kamerode vum Land ze begre'ssen, de' fir d'escht hei bei ons sin, an net de klengsten Dél zo' der Organisatio'n beigedroen hun.

Mir sin haut hei, fir emol richtig mattené Kontakt ze huelen, a vleicht och verschidde Mösstann ze bespriechen an ze behiéwen.

Nodém mer me' we' ve'er Joer önnerridesch an a stänneger Liéwesgefor zum Wuel vun onse Leit a vum Land geschaff haten, nodém den 23. März 44 de' fre'er Geheimorganisatio'nen sech zu enger gro'sser nationaler UNIO'N zesummegeschloss, konnte mer den denkwi'digen 10. September endlich un d'Daglicht kommen.

Et wor net verwonnerlech datt mer e besse verblent woren vun der Sonn, no déne ve'er deischte Joer, datt e besse Onurdnong an ons Reie ko'm fir é Moment durch datt villt, wat op ons agestrimt ass a wat ze bewältege wor.

Et wor och, we' én de', de' engem als Kamerod a Mattarbechter virgestallt go'fen, zum eschemol an d'Äe kucke konnt, eu Täschten, sozeseoen en Ofstommen vun den Instrumenter vrum Comört.

Well mir sollten, bildlech geschwat, fir d'escht — an o'ni Generalpro'f — onsen eschte nationale Concert gin. A we' et

da gé, o'ni Generalpro'f, da könt et alt vir, datt hei an do e Messio'n önnerrléft.

Et wor datt och net anescht me'glech, well mer an onsem direkte Schaffen, an allen Dispositio'nen, de' mer geholl hun aus ons eraus, aus der Erkenntnes, datt et praktesch zum beschte vum Land wir, ömmer erom handikape'ert go'fen durch Beschloss an Decisio'nen oder Influenzen vu Kommissio'nen, de' ernannt go'fen, nodém mir praktesch scho lang un der Arbecht woren.

Dat go'f jo anescht nodém ons Regirong erom do wor, matt dé mer direkt verhandele konnten. Durnieft hu mer matt der amerikanischer Verwaltung ze din. Matt be'de schaffe mer gutt, d. h. hu mer bis elo ganz gutt schaffe können.

D'UNION vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen, kurz UNIO'N genannt, stellt den Zesummeschloss dur aus freiem Entschéd un alle gro'ssen Resistenzorganisatio'nen vum Land, de' ve'er Joer lang de Kapp durgehalten hun fir d'Hémecht; kén Zwank a kén Terror konnt hire Widerstand bréchen.

An der Proklamatio'n un ons Member, fir den Dag vun der Befreiung durch d'Allie'ert, déne mer dofir eweg Dank schölleg sin, soe mer am eschten Dél datt hei:

De' Stonn, op de' mer eso' lang geward hun, ass endlich do. Letzeburg ass frei. — Domatt fängt fir d'UNION eng nei Period un, de' hir Missio'n get, de' schwe'er a voll Verantwortung ass fir jidfer Einzelnen; ower onsen hellgen Ed verlängt vun ons, datt mir se ganz erfüllt. Dat Wichtigst ass elo:

1. — Ro' an Urdnong ze halen an ze surgen, datt d'öffentlech Liéwen ro'eg a secher virugét.

2. — Alle Letzeburger, de' önnert dem preisesche Regim gelidden hun, ze hóllefen wo' mer nómme können.

3. — Ze surgen fir eng gerecht Bestrofung vun alle Verre'der a fir d'Rengéung vum Land, vun allem wat preisesch ass a wor.

4. — Fest an trei zesummestoen fir den Opbau vun engem 'frigen a glockleche Letzeburg, no onser Devis „Letzeburg de Letzeburger!“

An dese 4 Punkten leit kurz onse ganze Programm.

Dese Programm ass den Ausdrock vum Volleksgewössen, datt nach Sönn huet fir Recht a Gerechtegkét, de' ni me' mat Fe'ss gesto'ss go'fen, we' an deser onmenschlecher Zeit.

D'UNION ass dem Vollek a senger Do'dege schölleg, dese Programm durchzeféren, och wann et hart op hart gé!

We' ké me' op der Bresch sto'ng, an och we' nach kén drop sto'ng, du wor d'UNION do fir Schlömmere ze verhidde.

DUNION wéss wat si wöllt a gé hire richte Wé. Si wétt sech schon der Klöppelen ze wire wössen, de' er dann an t'wann an d'Rieder gefall kommen, well se net aus dese Jonge bestét, de' gutt woren am Krich, mä elo net me' ze brauche sin!

Recht a Gerechtegkét an e proppert Gewössen verlänge mer an alle Verwaltongen, an am öffentleche Liéwen Hand an Hand mam legalen Herrscher, de' bestómmt neischt Sche'neres wönscht, a matt onser Regirong, de' während déne ve'er Joer, wo' se an der Friemt wor, sech secher en aneren Horizont eruwert huet. Et fréit ons dofir datt se um selwechte Standpunkt stét, eso'weit et ons vun onsem Staatsminister Dupong versichert go'f, dé mer vu jehir als dé Mann geschat hun, den d'Herz op der richtiger Plaz huet.

Nómme eso' get et e sohe'nt Zesummeschaffen, wann och emol Spe'n falen, well matt hinne wölle mer, aus dem Volkeswöllen eraus, den Neiofbau vu Letzeburg eso' durchféren, datt sei Vollek a Ro' an Zefriddenhét glocklech widerliéwe kann.

Ech kommen un den Opbau, un d'Verwaltung vum der UNIO'N.

Nodém mer 8 Dég ons am Stadhaus geplot hun, go'f ons den Hotel Entringer als Gebei zo'gewisen. An aller Hetz agericht hu mer embaue missen, a sin elo definitiv eso' installe'ert, datt mer mat Fréd weiderschaffe können. Hei ass de Wéweiser, den ennen ugeschloen ass:

Ennen an rechts: Auskonft.

Lenks: Expedition, Evakuatio'n, Souscriptio'n.

1. Stack lenks: Direktio'n; an der Möit: Setzongssall, Konferenzsall; rechts: Finanzbüroen.

2. Stack lenks: d'Büro vum Milizkommando, Distrikt Musel a Sauer; an der Möit: Wuechtzömmmer; rechts: d'Büro vum Sekretariat.

3. Stack rechts: Bezirk Stad; an der Möit: Distrikt I; lenks: Rechtsfroen, an am Fong d'Redaktio'n.

Besuchszeit vun 10—12 an 2—4; Bürostonnen 8—12 an 2—6. Samschdes möttes ass zo'.

Am önneren Opbau önnerschéde mer teschent

1. engem Aktio'nscomité (Nationalrot vun der Resistenz) vu 7 resp. 9 Mann, engem Zentralcomité vum, pro fre'er Organisatio'n, je 4 resp. 5 Mann, an den Hauptversammlongen.

Nom Krich wielen de' énzél Distrikten hir Delege'erten an den ZC, an den erem wiélt oder bestómmt sein Actio'nscomité. De Präsident get gewiét; de' aner Chargen verdel't den AC enert sech no de Kapazité'ten. — Praktesch sin och elo schon all Distrikten am Aktio'nscomité vertrueden, nodém och den Distrikt Minett sei Vertrieber gestallt huet.

Iwer dat wat d'Resistenz vrum 10. 9. gelécht huet, brauch ech wuel keng Wirder ze verléeren. Datt mer iwerhapt eso' do stin an ons durchsetzen, ass de beschte Beweis derfir, datt d'Vollek matt ons ass, well hat am beschte wéss, wat et ons ze verdanken huet.

Nom 10. 9. si mer erausgetratt a mer hun, matt fröschem Mutt zesumme matt den Allie'erten de pouvoir geholl, den op der Ströss lo'ge.

Ons ass et ze verdanken, datt alles eso' glat erof go'ng de' escht Dég nom 10. 9. A we' du-ere'scht, a we' et ne'erges me' gebrannt huet, lues a lues aus alle Meislacher de' erem erausgekroch ko'men, de' sech de' ve'er Joer lang net gewisen hun, we' mir de Kapp durgehalten hun, du go'ngen d'Schwirreketen un.

Vun engem Majo'ar zum aner, vun enger Kommissio'n zur aner, a wa mer ferdeg woren, neischt errecht.

Du ko'm dann ons Regirong eröm, a mer hun hir ons Mattarbecht brav an e'erlech ugedroen. Si huet ons zo'gesechert, datt si zesumme matt, ons schaffe wöllt, a mir hun errecht, datt d'UNIO'N an de' sämtlech Kommissio'nen Vertrieber scheckt, de' offiziell ernannt gin. Domatt hu mer praktesch d'Me'glechkét, ons Furderongen durchzubrengen. Mir hu weider errecht, datt all Member vun der NSDAP direkt festzuehuelen ass.

Mir hun och errecht datt wién an der Miliz resp. an der UNIO'N ass, de' de Moment dem Staat Arbecht mécht, bis op weideres vu sengem fre'eren Denscht freigestallt ass, an den en erem iwerhuele kann, wann en ofkömmelech ass.

Fir d'Veerbindung matt den Amerikaner stänneg ze hun, hu mer bei hinnen e Büro agericht.

Iwer d'Fro vun der Miliz komme mer nach ze schwätzen. Si get reorganise'ert a militäresch opgezün. Domatt iwerhóllt de Staat d'Konsequenzen.

D'UNION get eng égen Zeidong eraus op letzeburgesch. Durnieft huet si et iwerholl „D'HEMECHT“ erauszegin, vun der schon 2 Nummere virleien.

Mer sin also haut als UNIO'N, als national UNIO'N e Faktor, den net me' auszuschalten ass, trotzdem et versicht go'f an nach stänneg versicht get. Mir si jo do fir ons ze wiren, no baussen an no bannen.

Fir ons nach besser durchzusetzen, ass et onömgänglich, datt mir, we' et an anere Länner och ass, a Belgian an a Frankreich, un der Regirong déhuelen als Resistenz. Ere'scht dann hu mer d'Garantie, onse Programm verwirklechen ze können.

No der Diskussio'n huet d'Veersammlung sech a voller Engekét zum Programm bekannt.

Et go'fen nach de' Häre bezéchen, de' fir de' respektiv Kommissio'ne virgeschloe solle gin.

Sämtlech Löschten sollen zum 15. spe'tstens agelaf sin; och sämtlech Késrapporten.

De' nächst Versammlung ass fir iwer 8 Dég em 2 Auer möttes festgeluegt gin.

M. H.

Denkt un  
d'LETZEBURGER  
am Ausland!



Wann de Krich eriwier ass, dann tröft ousen Zentralcomité zreck, an et gin op Grand vu Walen an den Distrikter de Delegeert gewiët, de' dann an den Zentralcomité geschecht gin.

Wat bezweckt also den Anonymus matt sengem Flugblad?

Streit, Onéngkët aus perse'nlechen Intressen an E'ergeiz. Domatt huet en also selwer sein Uriel gespraach.

Mir kennen en, ma si fair genug, en net öffentlech ze bezéchnen, aus Recksicht op seng fre'er Organisatio'n an der besser Elementer sin.

Et schengt him net kloer ze sin, datt Onéngkët ze se'en den Zweck ass vun den Drotze'er aus der Parteipolitik, dénen

eng national UNIO'N vum Vollek schw'e'er um Mo leit, well si färten, datt d'Vollek ondlech hannert hirt Spilche geseit, an datt domatt hir Herrlechkët um Enn ass. Hié mecht me' flappeg, wat si me' verstoppt máchen; hié schengt net ze wósen, datt de' sech de Bauch vu Lâchen halen, sech d'Hänn reiwen an denken: De' hätte mer.

Dabal, dir Hâren. Dir vergiësst, datt mir heihém net geschlof hun de' ve'er Joer, datt mir, fir d'Land aus dem Misâr nés erauszébréngen, geschaff hun önnert der preisescher Fauscht, oft genuch bei enger drechener Kuscht, we' Dir un de fetten Döschler so'tzt, flott hannernwanns! M. H. D'UNIO'N.

# MEMENTO

Den Dag wo' mer firte'scht mat onser offizieller Zeitung vum d'Vollek triéden, matt der Zeitung de' d'Stömm ass vun all onse Leit, de' ve'er Joer lang fir d'Hémmecht alles gewot hun, wölle mer de' net vergiëssen, de' hant net me' bei ons sin.

Et ass leider eng hard Wo'recht, datt dese Krich schw'e'er Affer vun ons verlängt huet an datt e' gro'ssen Dél vun onse Bëschten hirt Liéwe gelöss hun fir d'Fréihët, de' ons endlech nés geschenkt go'f.

Matt de'wem Schmirz denke mir hant un all ons Frönn, de' aus Le'ft fir d'Hémmecht a fir hirt Vollek alles hirgin hun.

Hire schw'e'er gepre'fte Familien entbidde mer onst de'fst Matgefill!

Fir dat wat si fir d'Land gemách hun, könne mir hinnen ni genuch merci soen.

Ons énzeg Surg an Arbecht ass de' dat Wirk weider ze je'eren, datt si ugefängen a fir dat si gesturwe sin.

Ons Zeitung gët eraus hinnen zu E'eren an als Ausdrock vun onsem feste Wöllen hirt gro'sst'Wirk zu engem gudden Enn ze je'eren.

Dem ganze Letzeburger Vollek ower ruffe mer am lescht vun deser Stonn zo': Sollen all ons Affer fir neischt gewiescht sin? Sollen ons Bëscht fir neischt gefall sin? Soll et no ve'er länger Joer Oennerdreckong an No't nach keng Gerechtlekët gin? R. H.

## Den e'schte Letzeburger gefall fir d'Fréihët op letzeburger Buodem

Zum Do'd vum jonge Fréihétskämpfer Conrad Diderech vun Eischen (9.7.18 - 10.9.44)

We' den 10. 9. ge'nt 6 Auer owes d'Zeitend durch d'Darf Eischen go'ng, eng feindlech Kugel háit dem Conrad sengem Liéwen en Enn gemat, wollt ké Mensch et gléwen.

Leider wor et dach wo'er. Ve'er Joer lang ass de Conrad honnerte vu Geforen eptigáng, an ausgerechent den e'schten Dag vun der Befreiong huet hie misse dru gléwen.

De Sonndeg 10. 9. we' ge'nt 2 Auer de' e'scht Amerikaner durch Eischen gefur sin, ass de Conrad matt hinne virungang fir Oplklärung ze gin, an de Wé ze weisen. Owes um 5 Auer hu mer en als Leich eróm krit. Zu No'spell hat en onerbettlecht Schicksal hién erreicht.

Man Conrad verlé'ert d'UNIO'N e' vun den e'schten a bëschten Mattarbechter. Wat de Conrad an dene 4 Joer fir d'Land a fir d'Vollek geschaff huot, go'f durch sei Begriëfnes vum 13. September bewisen.

Eso' vill Leit hat Eischen nach net be'enaner gesin. Et háit e' geduecht e Staatsminister ge'f begreuwen, an dach wor et nemmen en einfache Fréihétskämpfer, dén zur lëschter Ro' ge'fert go'f.

Aus allen Ecke vum Land de' bis do be'freit waren a matt alle me'glechen Verke'ersmütteln, hun dem Conrad seng Collegen selch ajont.

So'gur d'Armée blanche aus der Belscht hat vu vill Provenzen seng Vertriéder gescheckt. Iwerall wor de Conrad bekannt, iwerall so'tze senger Jonge verstoppt, fir

de' hie gesurgt huet; bis iwer 80 Déserteuren hun seng Leich begët, a vill konnten der nach net do sin.

E kilometerlänge cortège, un der Spötz rot-weiss-ble Fuondelen, de Gemengerot, d'Gemegevereiner, den Zentralcomité vun der UNIO'N, d'Letzeburger Fréihétskämpfer vun de Cantonen Capellen, Re'den, Esch a vill aner, durno eng láng Rei vu Kranzdr'e'er si vrum Leichewon marje'ert, de' vu 6 strammen Déserteuren eskort'e'ert a matt der Tricolor bedeckt wor.

Um Kierfesch, wo' et nemmen enger allerbeschter Organisatio'n me'glech wor, Uerdnong ze halen, huet de Kamerod a Mattarbechter KLEIN Jang vrum offene Graf dem Conrad eng d'je'gefillt Grafréd gehal. Durno huet den Hér THOMMES am Numm vum ZC vun der UNIO'N a ganz ergreifende Wider vum Wirke vum Conrad fir d'UNIO'N a fir d'Land geschwat. Eng dreifach Solve, afgefeiert vun der E'eregard, de' de Conrad so' dacks ver'dengt hat, beschle'sst den Trauerakt.

Eso' läng e Letzeburg get, ass de Conrad net vergiëss. Als Symbol fir d'Fréihétskämpfer ass sei Numm an d'Geschicht geschriwen.

Mir biéden z'entschöllegen, datt mer fir de Moment net all ons Gefalen hei ernimme können. Onse MEMENTO wor fer si all geduecht. — Mer sin derbei e chronologesch Verzéchnes vun all onsen Do'degen opzustellen, dat brauch Zeit, a mir biéden op desem Wé all ons Distrikschef hire Kc a Sc Uweisung ze gin all dat Material zesummenzerafen, wat heitrop Bezug huet, an et un ons Redaktio'n anzuschecken. — Mir wöllen iwerhapt d'Geschicht schreibe vun dene ve'er Joer Terrorwirtschaft. Villes lett scho prett, ower dat mécht ass nach zesummenzesechen, durchzuecken, tr et zergutzt als letzeburger Geschicht vum 10. 5. 40 bis 10. 9. 44 kann eraus kommen. Och heitriwer sollen all Dokumenter durch ons De onser Redaktio'n iwerwise gin.

Redaktio'n an UNIO'N.

## Fir e freit, onofhängegt a glécklecht Letzeburg

„Dat ass onst Land fir dat mir ge'f heinidden alles won, Onst Hémechtsland, dat mir so' de'f an onsen Hirzer dron!“

Nodem d'Preisen den 10. Mé ge'nt all Völkerrecht a ge'nt all Zo'secherong on le'w Letzeburger Hémecht iwerannt halen, an nodém hiren Aussenminister feierlech erklárt, Letzeburg wár nemmen Durhmarschgebidd, hu si e pur Wochen durno d'Militärverwaltung opgehuewen an eng Zivilverwaltung an d'Plaz gesat.

A wat fir eng! Tyrannie wár dat richtig Wurt.

Et wir onnötz Me' erfrizehiéwen, wat fir e Kreizwé d'Letzeburger Vollek zentherhir huet misse goen. Nach Jorhonnernte lang mussen onse Kannskanner d'Schuddrengen ausgoen, wann se un de' Schan denken, de' d'Preisen ons ugedon hun.

A si froe sech bestómmt, we' eso' eppes me'glech wor.

Dat ass eng Fro de' si sech mat Recht stellen, an de' mir ons, we' iwegens de' mécht Letzeburger, scho gestait hun.

D'Aentwert ass net schw'e'er. Fir d'e'scht durch d'Nazityrannei!

Et fállt jo wuel engem e'erlechen a brave Mensch, egal walfir enger Natio'n en ugehe'ert, schw'e'er ze gléwen, datt et am 20. Jorhonnernt nach eso'vill Niddertráchtgekët, Verlugenheit a Brutalitet ka gin. Dat ass ower leider bei de Preisen de Fall, de me' we' ve'er Joer hei hirem Terror freie Laf geloss hun. Do-riwer brauche mer de Moment ké Wurt ze verle'eren, well mir könne ro'eg soen, datt et net vill Letzeburger Familie me' get, de' net u sech selwer de' preisesch Barbarei a Brutalitet gespirt hun an elo nach spiren.

Dann ower och durch de Verrot vun enger Hellewull „so'genannt“ Letzeburger Leit oder besser gesot Leiss, de' berét waren, hiren Numm hirzegin an de Preisen Handlänger- an Henkerdehgscht ze léschten, fir aus purer Profitgier Land a Vollek ze verrodan an ze verkaufen.

Si si matt schoid un all dem Misâr, dén iwer d'Land kom ass an och um Do'd vu

## Mattidélongen vun der Unio'n

### Fir ons Member:

- D'UNION önnerschéd tóschit aktiven an E'rember. Zu den e'schte gehe'ren all Organis'e'ert, de' en Ausweis hun. E'rember kann all onbescholtene Letzeburger gin, dén un d'UNIO'N schröftlech eng demande mécht. Auslänner können net Member vun der UNIO'N sin.
- Wann ower en Auslänner, dén hei usásseg ass, am Krich aktiv an der Resistenz mattgeschaff huet, kann hién E'rember vun der UNIO'N gin.
- Mir biéden all Sektio'n'schef direkt d'Löschten vun alle Member opzustellen a beim Kantonalchef ofzegin, wann dat na net geschitt ass.
- Mir délen all onse Sektio'n'schef matt, datt an enger Sektio'n nómme de' Leit dürfen a geschriwe sin, de' och do wunnen. All d' Member, de' am Krich durch ireden en Omstand an enger Sektio'n mattgeschaff hun an enger anerer Gemeng wunnen, de' sin direkt durch de Sektio'n'schef op de' richtig Platz z'iwerweisen.
- Ausweiser. — D'Ausweiser vun der UNIO'N gin nómme ausgestalt, wann eng Löscht vireit, de' vum Sektio'n'sa vum Distrikschef önnerschiwen ass. Et gin an der Zentral keng énzél Löschte vun de Sektio'nen a keng énzél Photoen me' ofgehol. Alles ass op dem richtige Wé iwer de Kantonalchef un den Distrikschef, vun do an d'Zentral ze liweren.
- D'UNIO'N ass ké Wirtschaftsamt. D'UNIO'N kann engem Déserteur oder politische Flüchtling beschéneigen, datt hién dat wor, awer net an der Zentral, ma an der Sektio'n wo' en dohém ass, d. h. wo' én ass dén dat wirklich kontroll'e're kann. Also Bescheinigongen fir Klöder nómme an den zo'stánnege Sektio'nen!
- Distrikschef kre'en heimatt rappele'ert, datt si o'ni Féil an zum 15. 10. 44 allerspe'ltens d'Konten vun hire Késiéden der Zentralké iwerweise mussen. Mir erónnern heimatt drun, datt mir an der Rëschter Versammlung scho verlangt hun, datt dem Zentralkésié d'Quittons'fisch vum Geldofstempelen ofzeliweren ass, fir datt mer onse Bilan opstelle können. Mir froen e Postcheckkonto un, an délen Iech de Nummer matt, eso' bal mor en hun. All Gelder, de' d'UNIO'N betreffen, d. h. all Beidrag sin dodrop z'iwerweisen.
- Mir si vum der Sektio'n Kayl gebiede gin, des Notiz an ons Zeitung ze setzen: D'Memberkarten No 1020 Bouschet Jos., Steiger zu Kayl; 1021 Reuter Johann, Gemengesekretär zu Kayl; 1023 Bouschet Eduard, Bäcker zu Kayl sin z'annulle'eren. Des Memberkarten

sin net vun der Sektio'n Kayl ausgestaltt gin; de' betreffend Leit gehe'ren der UNIO'N net un.

Mir biéden all ons Member, onst Organ „D'UNIO'N“ ze verbréden an all Beidrag an Urégongen fir an d'Zeidong durch hir Sektio'n'schef, Kantonalchef resp. Distrikschef un de' selwecht Adress ze schecken.

All Gelder, Abonnementer a Souscriptio'nen fir de Pressfong sin z'iwerweisen un de Postcheckkont von der Zeitung, dén nach mattgedélt get.

### Fir d'Leit:

- Op enersécht Verlänge vun der UNIO'N huet den Her Justizminister Urder gin, datt all Pg. a Schutzhaft ze huelen ass. De Beschloss go'f ons, fir en durchzefere'n, mattgedélt.
- Et go'f ons ausserdem mattgedélt. datt all Pg. als Feind unzegesin ass an datt dofir sei Verme'gen önnert Sequester fállt.
- D'UNIO'N mécht eng Geldsammlong fir all de' Letzeburger, de' durch de Krich an No't gerode sin. De' énzél Sektio'nen si matt der Ausfe'erong charge'ert. — All gesammelt Gelder gin an der zo'stánnege Zentral vum d' UNIO'N ofgeliewert, de' se un d'Haptké weiderléf.
- Et ass leider virkom datt am e'schten Durchenaner verschidde Leit an de Besóiz vun engem Brassar ko'men, de' et net verdengt hun. Mir bedauern, datt op de' Mane'er heiantdo eppes virkomme konnt, wat net an der Rei wor. Fir weider Irtómmer ze verhónnern déle mir dat hei matt: Wién am O'pdrag vun der UNIO'N handele wóllt, muss e schröftlechen O'pdrag virweisen, mat dem Stempel vun der Unio'n a matt enger deitlicher Oennerschröft. Datselwecht góllt fir all Bestellungen fir d'UNIO'N.
- Wién iredeng eng Reklamatio'n ge'nt e Member vun der UNIO'N virbrengt, de' muss de Numm kennen vun d'm Betreffenden, ge'nt dén e reklame'ere wóllt. All Reklamatio'nen un d'UNIO'N muss schröftlech virbruecht gin an deitlech önnerschiwe sin. Mündlech Reklamatio'nen gin net ugehol. Anonymes gét an de Pobeierkurf.
- Am iwere furdere mer all ons Leil op net op egen Initiativ virzegen.
- Et gin an de Büroen vun der UNIO'N eng Onmass Froen, Wönsch a Reklamatio'nen virbruecht, matt dénen d'UNIO'N oft gur neischt ze dun huet. Mir délen heidurch matt, datt d'UNIO'N net Méche fir alles ass, datt se sech net matt Perds- a Kuelenhandel a. e. w. ofget, a mir biéden d'Verwaltongen, net all Leit, de si net offerdege können oder wóllen einfach bei d'UNIO'N ze schecken.

## Eng helleg Pflicht!

Et go'f ons a leschter Zeit widerhuelt d'Fro gestaltt, ob de Staat fir d'Oennerstetzung vun dene Familien opke'm, wo' de Papp oder de Jong fir d'Hémmecht gefall ass.

Dat göllt fir all de' de' am Krich gefall sin, an och fir ons Militáit, de' elo am léschte Streit ge'nt de Preiss nach hirt Liéwe geloss hun, oder nach losse mussen.

D'UNIO'N huet am Krich fir all de' Leit gesurgt, de' an No't woren, si mecht et och elo nach.

Et ass ower eng helleg Pflicht vum Staat, fir de' Familien opzecommen an hinnen net en Almosen ze gin, ma dat wat hinnen zo'könnit: d'Me'glechkët weider o'ni Surgen ze liéwen.

Mir erwarden datt ons Regirong direkt zu deser Fro eng offiziell Stellung höllt, fir datt de' Familien, de' o'nidém genug gelidden hun, we'negstens deser Surg ent-huewe sin.

R. H.

## Eng virwötze'g Fro

Am Büro vum fre'eren CdZ, Abt. IVA an der neier Avenü present'e'ert sech én nach net erem agestaltte letzeburger Leitnant an Uniform a verlängt sämtliche Akten vum Juden- an Emigranteverme'gen, vun de Verhe'er aew.

De' Joffer de' grad eleng am Büro war, impressione'ert durch d'Uniform, händegt de' Akten o'ni weideres aus, de' am he'eren nationalen Intresse mat viller Me' vum Letzeburger Personal aus desem Büro sechergestaltt gi woren.

Mir ge'fen nawell ger wóssen vu wiém de Leitnant dén O'pdrag krit huet a wuer de' Akten hikom sin.

Matt onser e'schter Nummer wollte mer ons dem Vollek an onse Member nómme virstellen.

Et ass dofir ze verstoen, datt an döser e'schter Nummer zum gre'sten Déf Programmartikele stin an Interna aus der UNIO'N, vun der jo elo am mésechte geschwat gót.

An onser néxter Nummer bringe mer och Norichten aus der Friémt eso'gutt we' aus dem Land.

Derniéft huele mer och Stellung zu alle wichtige Froen, de' d'Land ugin, vum reng nationalen d. h. letzeburgesehen Standpunkt aus.

Des e'scht Nummer go'ng eraus a ve'er Seiten. Well de Pobeier ower eso' knapp ass, bringe mer all Samschdes 2 Seiten, et síef dann mer missien der 4 bringén. Mir man oust bëscht, verlösst íech drop. D'Redaktio'n.

(Get fortgesat)

## Un eis gefale Jongen

Irgendwo' — — — a friéme Welten Leit verlössen munnécht Gráw. Hölze Kreizer, wílech Blumen, Iwerspre't matt diem Láv.

Liéwensfrédeg, stirmesch Hierzer, Jonk musst Dir de Kreizwé gön, Muddeg hu Dir de'wste Wönnen, Schmierzgepre'wt, den Do't erdrón.

Dó huet Stüremwand, den Himmel, Gt'össg Stiren aus der Nuecht, íech, — Dir Letzeburger Kanner, Bíst Gebié' zo' Fe'ss geluegt.

Liéwég go'wen d'wílech Blumen, Aus de Griéwer ble't eng Ro's, Ro't a weiss a híó hir Färwen, Jongen! — Eren Hémechtsgro'ss.

Sonneschein vu bloen He'chten, Glíddeg iwer d'Griéwer kósst, Feirech iwer d'Ro'sen ze'en Weisen — — — de' én ní vergósst.

Nén! Net do't sit Dir, verlössen, Net fir emmer vun eis gáng, Trei we' Dir zo' Erer Hémecht, Stin zo' Iech mir — — — Liéwensláng.

Pe'teng, am Mierscht 1944.

Joey Anen.

Eng national Letzeburger Volleksregirong!  
Eng national Letzeburger Volleksvertriédong!  
Eng national Erze'ong an all onse Scho'len!

<p>COIFFEUR <b>SAUNIER Lucien</b> UEWERKUR</p> <p>Bei mir könt én ömmer direkt bei an ech di kengem we' Et get elo och erem Dauerwellen</p>
<p>MODISTIN <b>BIEVER-KERG</b> UEWERKUR</p> <p>mécht nómme sche'n Hit gut a preiswert</p>
<p><b>BERTEMES Nick</b> UEWERKUR</p> <p>Oemmer frösch a gedrechent Flésch jidferé get gut bedengt</p>
<p>GÄRTNER <b>WERDING Nick</b> DE'FFERDANG</p> <p>BLUMMEN - KRÄNZ - GEME'S Kränz op Bestellung énzock</p>
<p>METZLER <b>MOES Gusti</b> UEWERKUR</p> <p>Oemmer frösch a gedrechent Flésch jidferé get gut bedengt</p>
<p>All Fleckarbecchten - Nei Schong op all Müss gut a schnell</p> <p><b>SCHOMER ALOIS</b> UEWERKUR</p> <p>Scho'stere' a Mássarbecht</p>
<p>LIÉWESMÖTTEL</p> <p><b>WAMPACH Nick, Epicier</b> UEWERKUR</p> <p>Korrekt a prompt gött bei mir all Kéfer bedengt</p>
<p><b>Café zum Knudler</b> LETZEBURG - Propr. Jemp BRETZ</p> <p>Rendez-vous vun de Martlett</p> <p>Gemíddlechen Eck Gut Gedrenks</p>
<p>AM CAFÉ <b>ROMMES</b> fre'er HILAIRE</p> <p>Eck Wássergás a Scho'lbirg</p> <p>KRIT ÉN NÖMME GUT GEDRENKS!</p>
<p>Am Bicherbutik</p> <p><b>P. ERNSTER zu LETZEBURG</b> bei der Regirong</p> <p>fann't der zesoen all letzeburger Bicher, Pobeier, Schreifsächen, Büroartikelen a.e.w.</p>
<p>Annoncen, nómme vun Letzeburger, höllt elo schon op d'Expeditio'n. Den Tarif get nach bekannt gemäch.</p> <p>Abonnementer können och do bestallt gin. Den Abonnementspreis get nach mattgedélt.</p> <p>Zo'schröfén sin ze richten un d'Redaktio'n Eck Ennescht-Philippsgás, Büro 18.</p> <p>Verantwortlech ass den Aktionscomité.</p> <p>Druck Fr. Bourg-Bourger, Letzeburg.</p>



D'GELDFRO

D'Geldfro ass den Hapthema vun allen Diskussioenen am ganze Land. Vun hirer gudder oder schlechter Le'song hängt net nemmen Ro' am Land of, mé och den Neipbau vun Staat.

nömmen 4 Frang, a vun iwer 50 000 Mark nömmen 2 Frang fir d'Mark. Den zwéte Projet: Vun enger Mark bis 2500 Mark soll et zeng Frang gin: vun 2500 bis 5000 Mark sollen 10 oder 15% ofzezen, an de Rescht zu zeng Frang ze berechnen sin.

der Steierverwaltung ze pre'fen, an d'Beleger, de d'Unio'n sammelt. All Kriehgewon, all Wuchergewon a. e. w. muss ganz gestrach ginn oder ganz agezun gin.

D'Spuerkés ass zo', d'Maschin ass blocke'ert

Et zirkule'ren Gesprecher an der Stad an am Land, d'Geld wir fort, d'Maschine wire gestuel an d'Spuerkés wir pleite... Hei könne mer d'Leit bero'egen. D'Unio'n hat och do d'Hand am Spill — an nei emol e Spengelkapp ass fortikom.

we'negstens de Guthaben garante'ert, de vrun dem 10. Mä dosto'ngen. Dofir breicht hién ké Sa'leizeleén, wann d'Spuerkés hirerseits d'Prélévementer pro Mo'nt a pro Kont op e Minimum beschränkt. Dé Bedraz könt menelwegen o 2000 letzeburger Frang festgesat gin.

We' et zo' Pe'teng gong

Pe'teng fir d'e'scht libere'ert · Uerdnong an Disziplin

Et sollen drei Furderongen gestallt gin: 1) Den Omwieslungstaux muss eso' festgesat gin, datt en d'Letzeburger net schiedigt; 2) Jidiferé muss en uslannege Minimum direkt ömgewieselt kre'en an 3) de deck Zömmen muss gestaffelt ginn an d'Kriehsgewönnner muss likide'ert gin.

Schon op de Kreisdég vun Esch a Letzebürg hat de Guleiter eis versprach, dat wann se je Letzebürg ge'we raumen, se dem Feind weider neischt ge'wen iwerlösen ewe' e Ko'p Steng. Et wor döfir ké Wonner, dat all de Pessimisten de' de ganze Krieh erdürlich schwarz gesin hun emmer ge'jömert hun: A wat get dat wann d'Amerikáner kommen.

de Wiesen op Attem zo, hun d'Preisen Panzer angegruwaren an d'Ströss vun Pe'teng op Attem wor stark besat. D'Eisebunnsbrék an d'Brék iwer d'Kör go'we mine'ert. Glek'cherweis ko'm et net zur S'angong. De 9ten ge'nt 11 Auer gong et lass. Op emol huet et gehéscht: D'Amerikáner stin o' der Ammer Kopp. An zo' gleicher Zeit ko'men hannert de hëlsche Bescher d'englesch an d'amerikánesch Jéer ergru'braust. Se hu promper Arbécht gemáech. Eng hallef Stonn huet de S'pektakel vun de Maschinge'wéier ged'neri a fort wören se erem. Mer hüten eis e we'neg an d'Kehere verzun an hun all heiantdó erausgelusst wann et e Moment ro'eg wor.

bäl erem sein ále Gank. D'Gemengeverwältung huet d'Ledong vun de Gemengegeschéfler erem iwerholt, d'Unio'n ass am Gang de' gro'ss Botz virzuehlen. D'Kanner sin erem an der Scho'l a le'eren emol erem eppes wat e Fréd mécht. Duerni'ewent schaffen de' énzél Kommissio'nen vun der Unio'n. D'Ennerstézungskommissio'n huet bis haut scho vill apweise. Ma hir Arbécht gét ere'scht un d'Kommissio'n fir de Rapatriement huet alles an der Rei fir de' Evakue'ert aus dem Frankreich an eventueli vun der Musel ze empfánken. Pe'teng ass jo bekanntlich zum „Centre de réceptio'n“ ernannt gin. D'Kedersammlung fir eis Matb'irger vun der Musel an eis Deporté'ert go'w des Dég uge'fáng. D'Resultat ass bis haut gudd. Wann nach eng kléng Zeit erem ass an d'Leit am Verdéngscht sin, dann ass all dat Schrót geschwenn vergiess. A wann emol d'Zeite besser sin, a mer eis Leit erem heihém hun, da kenne mer drun denken, eis Befrelong als e'scht Lokali'té' vu Letzeburg ze feiern. Ma virun allem kent da Pe'teng senger Verflíchtung ge'nt'wer sängen de'porte'erten a verstuere'we Matb'irger nò. Pe'teng huet e gro'sse Bluddzoll bezuelt. Vill vu sänge Béschten kommen net me' erem. Ma hirt Affer wor net emsoss. Letzeburg léwt an de' spe'der Zeit wert och mal Stolz de' Pe'tenger Hémechtskanner ernimmen, de' der Hémecht trei si bliewe bis zum Do't.

Um Kreizwé!

(Fortsetzung vun der 1. Seit) gen fir sech é fir allmol un d'aglicht eropzeschaffen a — kleng ower reng — als eng a sech ofgeschlossen Natio'n niéwint den aneren Natio'nen d'Plaz anzuhoelen, de' er vun alle'wegen Zeite zo'ko'm? Oder soll et net le'wer senger Kammo'dité' nogoen a sech nés u me' decker, me' gro'sser verpíchten?

De' eng hu chon ganz Pe'teng a Staf an Ásche gesin, de' áner wo'sstien dat alles prët wér, fir eis all matenén „Heim ins Reich“ ze fe'eren. Ma de' mécht vun eis all wören der Iwerzégong, dat et eso' se'er géng dat eise guddé Frenn am giéle Frakléng Zeit bliéw sech em eis ze bekemmeren. An eso' wör et och.

A ge'nt zwo' Auer kommen vun alle Seiten de' zesammen, de ve'er Jör lang den Hémeche Krieh ge'nt de Nazi gefe'ert hu. D'Männer vun der Unio'n iwerhuelen hire Posten, de' eng an der Miliz de' áner am Stádhäus an den áneren öffentleche Gebéere. Bis ówes ass alles organise'ert an an der Nuecht vu Samsches op Sonndes gi' schons de' e'scht Opriiff un d'Populatio'n gedrékt, fir Uerdnong an Disziplin ze hálén. Sonndes kennt d'Proklamatio'n vun der Pe'tenger Unio'n eraus. Em 10 Auer gin d'Unio'nsmitglieder an d'Festmass vun der Poár. Nomóttés ass virum Stádhäus eng patriotésche Feier, mal Bedelégung vun der Stádmusék an der ganzer Populatio'n. Vun Stádhäus erof riéden zwo' Vertrie'der vun der Unio'n de' d'Populatio'n nach eng Ke'er opfu'deren Uerdnong ze hálén an et zo' kénge Excessen kommen ze lössen. A mer kennen stolz op de' Pe'tenger Awunner sin: „Bis haut ass nach net dat géhémig virkome, wat Pe'teng kennt schímég máchen.“

Ons Sprôch

(Fortsetzung vun der 1. Seit) Sprôch ass. Mir selwer müssen dofir gróndlech oppraumen mal dem álen a falschen Ausdruck: „Letzeburger Deitsch.“ Et get fir ons Sprôch nemmen én Num, an dén ass: Letzeburgesch. Et get fir ons Letzeburger nemmen eng Hémechts-sprôch, an dat ass: d'Letzeburgesch! Wann et ons och munech Ustrengong kaschite soll, fir ons Sprôch richtig liesen a schreiwén ze le'eren, a wa mer och nés d'Fíeder an d'Hand huele missten, da löst mer dat Affer fir ons Hémecht bréngen.

Scho'l'or an enger friémer Sprôch denke gele'ert gin, an datt se dofir gleich vu kléngem un d'Gefíel fir hir ége Sprôch geholl kre'en. Et muss op letzeburgesch geléés a gerechert gin, gleich vun Ufank un. Schwíregkéte fir d'Kanner bidden sech dobei abesult keng. Am Ge'gendél et get me' lícht, well et hir Mammesprôch ass. Dofir sin natirleeh nés allerhant Virbedngongen erfordert. Fir d'altere'cht letzeburgesch Scho'l'bicher scháfen. Dat wár eng Arbecht, de' elo scho gemáech kent gin. Da wár och nach ze surgen datt all de' preisesch Kannerlíder a Gebéder durch letzeburgesch ersat ge'fen. Dat wár e sche'nt Arbechtsfeld fir ons Dichter, aplaz datt se all drop an derwidder Theatersteckeleher schreiwén. Och do ass eng systematesch Arbecht op der Plaz, an et héscht iwerall beim Ufank ufánken. Wann ons Kanner dann an der Scho'l' letzeburgesch gele'ert hun, wo' ass dann nach eng Schwíregkéte? — De' friém Sprôche können dann ower nach gele'ert gin, a grad eso gudd. Et ass fir e Kand, dat d'Ufankspróhn vun Liesen a Schreiwén op Letzeburgesch kennt eng Klénggekét, fir z. B. 2 Joer spe'der Deitsch ze le'eren. Wa mer et richtig huelen, konnt doch ké Letzeburger, dén aus der Primárschól' erausko'm richtig Deitsch schreiwén a schwázten — vun Fransé'sche gur net ze riéden. Mir ge'fen also' dobei neischt verleren. Fir de' erwuesse Leidd dárf et jo och net extra schwe'er falen, sech de' wíchtégst Regeln vun onser Sprôch emol unzekucken. Dat gét so'zesoen bal vun selwen, wann én nómmé wóllt. Et get haut schon Dausende vu Letzeburger, de' letzeburgesch schreiwén, on'l Regel, an et gét ower. Op é Féler me' oder mander gét et an der e'scht gur net un. Wann ons Zeidongen dann och nach an onser Sprôch erschengen, da ka bestämt all Letzeburger a 14 Dég schon ons Sprôch liesen, ob e wólt oder net. Firwat also d'Schwíregkéte me' gro'ss man we' se wirkle'ch sin? Wíen hei net matmáche wóllt, dem fíel de guddé Wóllen. LETZEBURGER HAL DENG SPROUCH AN E'REN! R. H.

Dialog aus dem „Sche'ermisch“

Vum Batty Weber

Misch: D'Háptsách ass, we' et banneweg ausgeseit. Kuckt, Jongen, d'Herz dre't sech mer am Leif erem, wann ech drun denken, datt eis Héd an eis Bö'scher, eis Birger an eis Dálten, eso'weit ewe' d'Aen droen, net me' letzeburgesch solle bliewen. Jacques: Du hues jo Recht, mei le'we Misch, ma dat ass de Gank vun der Weltgeschicht. Misch: D'Geschicht muss hire Laf hun, dat ass wo'er. Du bass me' gele'ert we' ech, ower dat wellt mer net aus dem Kapp, datt keng Weltgeschicht a kén Hergott eis elei am letzeburger Lánnechen verbidde kann, op eis Mane'er welle gleckleeh ze sin. All: De Misch huet Recht. Misch: Kuck emol, Jacques, löst mer emol soen, ech wir eso' e knubbeleche Lo'klóppel heitewen op der Héd, et géng mer etleeh Mol spat op, ower et wir mer wuel a menger Haut, wann ech och wess, datt se mer e fre'e Murgun vun engem Lo'schlesser iwer d'O'ere ge'zu ge'f. Nu ke'ms du an du siets vu mir: He'er emol, Lo'klóppel, ech máchen elo e Lolberstack aus der, da kens d'am Hár Paschto'er sei Gart stoen, an op d'Ho'festdég an d'Kirch virun den Altor, wo' alles em dech glónnert an no Weiréeh rich, an eso' virun. Hár, siét ech,

neischt fir ongudd, löst dir mech ro'eg, wat ech sin, eiser Hergott huet mech zum Lo'klóppel gemat, Lo'klóppel sin ech a Lo'klóppel wóll ech bliewen. Dat ass mei Recht. Abé kuck hei, mir si Letzeburger. Wa mer och aus enger Hand an de' áner gewandert sin, d'Leit ze eiser letzeburger Hémecht ass net ewe' en ále Steiwer, dén sech op d'lang Weil ónner den Hänn ofschleiff. An de', de' eppes iwert eis ze soen haben, de' hun sech weider net em eis be'gómert. Ma elo kommen ánerer de' soen: He'ert emol, mir bringén Iech d'Gléck, mir bringén Iech d'Freihét, Herz wat begiers de? Bis elo wart der letzeburger Lo'klóppelen, elo get der friém Lolberstack! A wa mer dann net wóllen, wíen huet dat Recht, eis derzo' ze zwanzen? An ech soen nach engke'er, Jongen, vun eis ass kén dén sech zwange le'sst, se können eis schwázten, eso' sche'n ewe' se wóllen: Wa mir déngen, dann ass et freiwóllég. All: Jo! Hurrah de Misch! Misch: A wann elo eiser Hergott vum Himmel erof ke'm an e siét: Jongen, welsch oder e'streichesche? — da ge'f et schálen aus engem Monn: Net welsch, net e'streichesche! Letzeburger si mer, Letzeburger bliewe mer! —

letzeburger! Halt èr Hémechtssprôch an E'ren!

„Wat vun onser Sprôch s'och soen, Si bleif einfach, sche'n a gudd. Löst mer ómmer he'ch se halen, Als onst gre'sst an hellegst Gudd!“ (Léscht Strophen aus „Ons Sprôch“ vun Demy Schlechter.)

letzeburger! Halt èr Hémechtssprôch an E'ren!